N°5329
Reçue le 02.12.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 02.12.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/12/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

A verschidde parlamentareschen Froen (n°4773, 4483, 2675, 676) sinn d'Deputéiert op den Ofstellproblem vun immobiliséierten Autoen am Süden vum Land agaangen. De Problem ass, dass der Police aktuell d'Plaz feehlt, fir immobiliséiert Autoen ofzeschleefen, wat dozou féiert, dass dës Autoen op der Strooss bleiwen. Wéi d'Ministeren an enger Äntwert op eng vun de de parlamentaresche Froe schreiwen *"sicht d'Police an Kooperatioun mat der Administration des Bâtiments publics zesummen no enger gudder Alternativ - rezent Iwwerleeunge bestinn, fir déi Fourrière am Beraich vum Rond-Point Raemerich zu Esch Belval ze aménagéieren."* Dat Ganzt schéngt awer net esou einfach ze sinn, well, wéi d'Ministeren op d'Fro n°2675 geäntwert hunn: *"Eng temporaire Leisung fir dei ganz Regioun Sud-Quest vum Landass schweier ze fannen well se grouss, ofgesechert, iwwerwaacht an no genuch beim concerneierte Service misst sinn."*

Eng vun de Léisungen, déi um Dësch leit a vum Minister présentéiert gouf, wier eng temporär Fourrière zu Rolleng am Lieu-dit "Am Plon". An der Péitenger Gemengerotssëtzung vum 22ten November 2021 (Procès-verbal ze fannen op https://www.petange.lu/fr/Pages/20211122_Seance-du-conseil-communal.aspx) ass vu säite vum Buergermeeschter awer ze héieren, dass dëse Site u sech net fir eng Fourrière gëeegnet wier. Och dësen Terrain ass weder ofgeséchert, nach iwwerwaacht.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Gouf d'Optioun vun der Fourrière zu Rolleng als Léisung zeréckbehalen?
    - Falls net, wéisou net?
    - Falls jo, wéi gëtt den Terrain ofgeséchert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député